



Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/05/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.**

A menger parlamentarescher Fro n°6200 hunn ech mech iwwert d'Unzuel vun de Protokoller, déi u Vëlosfuerer an un Automobilisten ausgestellt goufen, renseignéiert.


Wéi den Här Minister a senger Äntwert schreift, goufen an de leschte 6 Méint u 47 Vëlosfuerer gebührepflichteg Verwarnunge wéinst Verstéiss géint de Code de la Route ausgestellt. Verstéiss géint den Artikel 125.08 vum Code de la Route, also d'Net-Anhale vum Mindestofstand vun 1,5 Meter beim Iwwerhuele vu Vëlosfuerer, konnt d'Police an deene leschten 6 Méint net feststellen.

Allerdéngs stellen Infraktiounen vum Artikel 125.08 fir vill Vëlosfuerer eng akut Geforequell duer, déi dagdeeglech z'observéieren ass. Divers Grënn, wéi zum Beispill feelend Infrastrukturen, déi d'Vëlosweeër kloer vun de Stroossen trennen, féieren dozou, dass Vëlosfuerer an Automobiliste sech dacks méi no kommen, wéi si et gären hätten.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass de Minister der Meenung, dass d'Donkelziffer un Infraktiounen géint den Artikel 125.08, déi net vun der Police observéiert an dofir net protokolléiert ginn, héich ass?
2. Wéi vill Infraktiounen vum Artikel 125.08 goufe säit senger Aféierung duerch d'groussherzoglech Reglement vum 8ten Abrëll 2018 konstatéiert?
3. Ob wat fir Methode gräift d'Police zeréck, fir Infraktiounen vum Artikel 125.08 vum Code de la Route ze kontrolléieren?
4. Wéi vill Policekontrolle hu säit der Aféierung vum Artikel 125.08 stattfonnt, fir Infraktiounen géint dësen Artikel ze kontrolléieren?

Mat déiwem Respekt,

  
Sven CLEMENT

